Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

Wéi d'Regierung op d'parlamentaresch Fro n° 1328 äntwert, existéiert een *Memorandum of Understanding* mat Google – respektiv mat der Duechtergesellschaft LB Technology sàrl – betreffend der Exploitatioun vun den Terrainen zu Biissen. An engem Artikel op rtl.lu vum 3ten Dezember gëtt de Wirtschaftsminister des Weideren zitéiert, dass d'Terrainen, déi d'Firma LB Technology an der Wirtschaftszon zu Biissen fir d'Konstruktioun vum Datenzenter kaaft huet, vum Staat kéinten ofkaaft ginn, am Fall wou Projet Datenzenter sech net realiséiere sollt, ënnert der Bedéngung,

> *datt de Präis och dee muss sinn, dee si bezuelt hunn an net dorop nach dierf Spekulatioun gemaach ginn.*

D'Terrainen, déi LB Technologies opkaft huet, bedroen – den Informatioune vu *o*p Basis vun den Akten um Hypothéikenamt no – 34.068.860,00€.

An enger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3520 vum 12.12.2017 hat et nach vun der Regierung geheescht

> *Au moment où l'investisseur vient de lancer la première étape, il n'appartient pas au Gouvernement de spéculer sur l'avenir de ces terrains dans l'éventualité d'une non-réalisation d'un projet concret.*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung tëscht 2017 an 2019 hier Meenung, dass et net dem Staat iwwerlooss ass iwwert d'Zukunft vun den Terrainen zu Biissen ze spekuléieren, geännert? Falls jo, firwat?
2. Wat ass de Maximalmontant, deen de Staat fir eng eventuell Acquisitioun vun den Grondstécker u Google wëll bezuelen?
3. Gouf dofir ee Präis am Memorandum of Understanding fixéiert?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député